

Schäfferotserklärung 2017-18

Gemengerot vum 1. Dezember 2017

Commentaire vum Adèle Schaaf, déi gréng

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Dir Hären,

Als neie Member vum Gemengerot sinn ech, genau ewéi meng Parteikollegen, frou, datt vill vun den Iddien aus eisem Wahlprogramm an der Schäfferotserklärung berécksiichtegt goufen. Et ass een ambitiéis Programm - mir si gespaant wéi séier en ëmgesat gëtt.

Ech wëll vu menger Säit Stellung bezeien zu dräi Themen aus der Schäfferotserklärung:

- sozial a Famillje gerechte Wunnengsbau,
- attraktiv ëffentlech Raim,
- de Klima- an Ëmweltschutz.

“Sozial a Famillje gerecht Wunnengsbaupolitik”

Prognose vun 2 000 Wunnengen, déi all Joer am Land feelen, sinn an eisen Aen nach optimisteschesch. De STATEC geet vu 6 500 Wunnengen aus, déi pro Joer gebraucht ginn, woubäi der just 3 500 gebaut ginn.

Déi Gréng wëllen net per Force ee konstante Wuesstem, dee méi héich ass wéi dat wat mir vun den néidegen Infrastrukturen (Schoulen, Sportsanlagen ... a Verkéier) an de nächste Joren am selwechte Mooss kéinten upassen.

De Wuesstem soll kontrolléiert sinn, d'Qualitéit vum neie Wunnraum soll garantéiert bleiwen.

Déi Gréng begréissen, datt elo an den nächste Joren endlech Sozialwunnenge vun der Gemeng gebaut ginn (ggfs. a Kollaboratioun mam Fonds du Logement an der SNHBM). Dës Wunnenge solle verlount ginn, an net verkaaft.

Leider stelle mir fest, datt keng Mesuren, zumindest keng konkret Mesuren, festgehale gi sinn, fir Baulandreserven ze schafen.

Den Observatoire de l'Habitat huet 2 719 Hektar disponibele Bauterrain identifizéiert. Dovunner sinn 1 000 Hektar a sougenannte "Baulücken", 92% vun dësen Terraine gehéiere Privatleit.

An der Schäfferotserklärung ass virgesinn, datt Bauland-Mobiliséierung gepréift gëtt. Dëst geet an eisen Aen net duer.

Mir ginn net midd op d'Instrumenter vum „**Pacte Logement**“ opmierksam ze maachen, wéi zum Beispill den Droit de Préemption, fir Terrainen ze kafen, déi an de „zones urbanisées“ respektiv an de „zones destinées à être urbanisées“ leien. D'Gemeng ass an der Verantwortung fir vun dësem Virkafsrecht Gebrauch ze maachen.

Déi Leit, déi net de Kritäre vum soziale Wunnengsbau entsprechen a sech awer och net kënnen Haiser iwwer 800 000 Euro leeschten, müssen och d'Méiglechkeet kréien, fir un „abordabel“ Wunnengen an Haiser ze kommen. D'Gemeng huet d'Méiglechkeet „verbëllegt“ Bauland iwwert eng Emphytheose un Interessenten ze verkafen. Firwat ginn dës Instrumenter net genotzt?

D'Wunnqualität muss garantéiert sinn, z.B. duerch eng ugepassten Densitéit, verkéiersberouegt Stroossen an eng bescht méiglech Ubannung un den ëffentlechen Transport - mat Vëlosweeër déi di kierzten Distanz hunn bis op déi nächst Gare, den nächste Busarrêt, am beschte bis op d'Aarbechtsplaz.

Déi Gréng hunn an hire Wahlversammlungen alternativ Wunnungskonzepter virgestallt, wéi z.B. „**DESIGN FOR ALL**“. Et geet drëm fir nei Bau- a Liewenskonzepter ëmzesetzen. Et ginn hei am Land Pilotprojeten, wéi z.B. de Projet „Jonk Mëtt“ zu Jonglënster.

Mir proposéieren een Erfahrungsaustausch mat den Architekten a Bauhären ze organiséieren, an och Visitten op der Plaz mat de Fachleit.

Déi Gréng Mamer ënnerstëtzen den **Accueil vu Flüchtlingen**. Si sollen net an e Container op der Wiss ënnerbruecht ginn, mee wa méiglech an den Uertschaften integréiert ginn (wéi z.B. zu Holzem am ale Paschtoueschhaus). Dozou muss ee bemerken, datt d'Containerduerf eng Léisung vum Staat ass wëll d'Gemenge selwer net aktiv gi sinn.

“Fir attraktiv ëffentlech Raim”

Mir staune bei dësem Punkt, woubäi een net ka behaupten, datt déi néi „place de l'Indépendance“ zu Mamer an dës Kategorie fält.

Er ass wierklech Schued, datt de Belag vun dëser Plaz nach séier huet misse virun de Wahlen erneiert ginn, fir *en fin de compte* eng zoubetonéiert Plaz ze hunn, déi 2-3 mol am Joer fir Zelter profitéiert gëtt.

Mir sinn de Mamer Leit eng besser Fräiraumgestaltung schëlleg.

Firwat konnt net fir dëse wichtege Projet gewaart gi bis no de Wahlen, fir een attraktiivt urbanistesches Konzept ze erstellen?

Dir wëllt jo ee „shared space“ an den Duerfzentren amenagéieren. Ee „**shared space**“ ass näischt anescht wéi eng Plaz wou d'Autoen zweetrangeg sinn an de Foussgänger Prioritéit huet. Eng Plaz, wou Gréngflächen a Rouzonen esou amenagéiert ginn, datt ee Loscht huet fir sech do opzehalen.

Grad fir dëse Projet eegent et sech fir een **Concours d'idées** auszeschreiwen an d'Bierger mat an ze bannen.

Et ass een **Auvent aus Glas** virgesinn am Bannenhaff vun der Gemeng. Déi Gréng sinn net der Meenung, datt dëst déi richteg Approche ass. An dësem Fall stëmmt de Sproch vun engem bekannten Architekt, dem Mies van der Rohe, deem e ganz sobere Stil vertrueden huet: „Less is more“. De Käschten-Notzen-Faktor ass net gerechtfäerdigt. Wéi oft sinn Aktivitéite virgesinn, déi dësen Invest justifiéiere géifen? Déi historesch Bausubstanz vum Schlass soll respektéiert ginn. Ech ka mir net virstellen, datt d'Administration des Sites et Monuments dëse Projet géif positiv aviséieren.

Déi Gréng wäerten sech an den nächste Joren dofir asëtze fir aner Weeër anzuschloen. Et soll een sech orientéieren un de gudden Beispiller an anere Gemengen.

Den öffentleche Raum huet eng wichteg Funktioun am Zesummeliewen an enger Gemeng. D'Leit mussen vun Ufank u mat agebonne ginn.

Dëse Prozess muss awer och vun Urbanisten a Landschaftsarchitekten begleitet ginn. Nëmme esou entsteet e Méiwäert am öffentleche Raum.

“Fir eng nohalteg an zukunftsorientéiert Energiepolitik”

Déi Gréng si frou, datt endlech een Energieberoder agestellt gëtt! Mir hunn dëst schonns laang gefrot. A mir sinn nach méi frou, datt **bis 2020 eng Gold-Zertifizierung am ENERGY-AWARD ugestriift gëtt** (d.h. 75% - d'Gemeng Mamer war 2015 bei 48%). Dëst schéngt eis awer – bei aller Ënnerstëtzung déi Déi Gréng fir dëse Projet opbréngen - méi ewéi onrealistesches ze sinn.

Den néien Energieberoder wäert sech definitiv net langweilen.

Déi Gréng bleiwe realistesch. Mir si schonns zefridde wann an enger éischer Phase d'Klimatteam regelméisseg zesummekënnt, a mir mengen domatter all 2 Méint op mannst.

Et ass een Energie-Monitoring vun den öffentleche Gebaier virgesinn, dëst geet net wäit genuch: et musse reegelrecht ENERGIEKONZEPTER erstallt ginn. (Dëst kann intern vum Energieberoder gemaach ginn). Et ass wichteg, datt déi energetesch Sanéierungsmaossnamen analyséiert ginn ob si och effektiv rentabel sinn.

Mir ënnerstëtzen och all Forme vu Kooperative fir grouss Fotovoltaikanlagen op Gemengegebaier ze realiséieren. Et besteet ee grouse Potential. Et soll keng Zäit méi verluer gi fir esou Projeten ëmzesetzen.

Fir Déi Gréng ass déi systematesch Ëmsetzung vum *Leitfaden*, deen am Mäerz 2015 vum Gemengerot approuvéiert gouf, eng absolut Prioritéit.

Et gött vill ze schaffen. Déi Gréng Mamer wëllen sech konstruktiv mat abréngen. Mir sinn et eise Wieler schëlleg iwwer Inhalter ze diskutéieren a Projeten ëmzesetzen, déi nohalteg, ëmweltfrëndlech a sozial sinn.

Ech soen iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.